Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF

# Rapport: Generalversammlung 24. Mäerz 2022 19:00

Lëtzebuerg - Lampertsbierg 49, rue Ermesinde
Am Sall vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn (Centre Culturel Tramsschapp)
Mir soen de Lampertsbierger Geschichtsfrënn merci datt mir hiere Sall dierfen benotzen.

Uwiesend, stëmmberechtegt Vertrieder:

| | | |
|---|---|---|
| Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich | Paul Holweck | stëmmberechtegt |
| Biergerinitiativ Quo vadis Käerch | Fernand Toussaint | stëmmberechtegt |
| Comité Alstad | François Jaeger | Procuratioun |
| Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch | Max Hübsch | Procuratioun |
| Lampertsbierger Geschichtsfrënn | Anicet Schmit | stëmmberechtegt |
| Les amis du Prieuré d'Useldange | Georges Majerus | Procuratioun |
| Mouvement Patrimonial | Paul Ewen | stëmmberechtegt |
| Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall | Suzette Schmit-Lehnertz | stëmmberechtegt |
| Sauvegarde du Patrimoine | Jorge Simoes | stëmmberechtegt |
| Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof | Mike Besch | Procuratioun |

Uwiesend ouni Stëmm:

| | |
|---|---|
| André Kirsch | Comité Alstad |
| Jean-Claude Thies | Biergerinitiativ Quo vadis Käerch |
| Marco Schmit | Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall |
| David Dominguez | Lampertsbierger Geschichtsfrënn |

Entschëllegt:

Industriekultur-CNCI
Jerôme Reuter LDF Tresorier

Net uwiesend

Biergerinitiativ Gemeng Kielen
Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg
Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn *(déi reischt virun enger halwer Stonn als nei Member-Organisatioun opgeholl gi sin)*

All Procuratiounen si korrekt an zoulässeg.
Et sin demno **10 Stëmmen** déi an deser Generalversammlung zielen.

**Dagesuerdnung:**

1 Approbatioun vun der Dagesuerdnung
2 Approbatioun vun engem zousätzlechen Keessereviseur fir den Exercice 2021 (well sech nëmmen een an der leschter GV gemellt huet)
3 Aleedung vum President a Rapport Moral
4 Aktivitéitsbericht vum Joër 2021
5 Finanzbericht vum Joër 2021
6 Rapport vun de Keessereviseuren
7 Approbatioun vun de Konten 2021 an Décharge vum Trésorier
8 Décharge vum Conseil d'administration
9 Neiwiel vum Conseil d'Administration

10 Nominatioun vun de Keessereviseuren (exercice 2022)
11 Festleeën vun der Cotisatioun fir d'Joër 2023 (aktuel as se 50.-)
12 Aktivitéiten am Laf vum Joër 2022
13 Budget fir d'Joër 2022
14 Divers a Froën

**1- Approbatioun vun der Dagesuerdnung**

D'Dagesuerdnung gëtt mat 10 Stëmmen ugeholl.

**2- Approbatioun vun engem zousätzlechen Keessereviseur fir den Exercice 2021**

D'Generalversammlung huet d'Propositioun vum Conseil fir den zweeten Keessereviseur fir den Exercice 2021 mat 10 Stëmmen ugeholl.
Dest ass Marco Schmit (NaGIS) deen sech bereed erklärt huet des Charge ze iwwerhuelen.

**3- Aleedung vum President a Rapport Moral** **(Annex 1)**

Den LDF President Paul Ewen mecht den Optakt vun der Generalversammlung mat folgenden Punkten:

- Den Historique vum Entstoen vun der LDF

Op Basis vun enger Idee vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn hu sie an de Mouvement Partimonial sech mat aneren Organisatiounen getraff fir a Gespreicher gemeinsam Punkten ze beschwetzen, fir esou eng Dachorganisatioun kennen opzebauen. .................

- Der LDF hier Objectiver a Revendicatiounen

Harmonisation et coordination des instruments légaux au niveau communal et national........
Protection automatique de tous les bâtiments avant une date spécifique.............
Etablissement d’un inventaire scientifique...........
Reconnaissance du principe d’utilité publique et d’intérêt général du patrimoine bâti.........
Reconnaissance de la valeur économique et touristique du patrimoine bâti;
Reconnaissance de la conservation du patrimoine bâti comme acte de développement durable;
Education sur la patrimoine bâti.............

Déi ganz Ried vum President ass an der **Annex 1** ze fannen.

-Virstellung vun de Member-Organisatiounen

Biergerinitiativ Gemeng Kielen
Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich
Biergerinitiativ Quo vadis Käerch
Comité Alstad
Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg
Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch
Industriekultur-CNCI
Lampertsbierger Geschichtsfrënn
Les amis du Prieuré d’Useldange
Mouvement Patrimonial
Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall
Sauvegarde du Patrimoine
Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof

a ganz nei seit haut den owend, déi Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn

E slide weist weiderhin déi geografesch Verdeelung vun de Member-Organisatiounen.

**4- Aktivitéitsbericht vum Joër 2021**

Den André Kirsch (Comité Alstad), LDF Sekretär presentéiert den Aktivitéitsbericht vum Joer 2021.

- 07.01.21 Conseil d’administration
- 15.02.21 Conseil d’administration
- 23.04.21 Conseil d’administration
- 06.05.21 Entrevue mat dem Innenminister (Taina Bofferding)
- 30.06.21 Generalversammlung 2021
- 14.07.21 Participatioun GV vun Les Amis du Prieuré d'Useldange
- 27.09.21 Participatioun Konferenz OAI (JPEL)
- 04.10.21 Participatioun Konferenz OAI
- 07.10.21 Participatioun Konferenz vun Les Amis du Prieuré d'Useldange
- 18.10.21 Conseil d’administration
- 19.10.21 Entrevue mat dem Kulturminister (Sam Tanson)
- 29.11.21 Treffen mat IK-CNCI
- 09.12.21 Conseil d’administration

**5- Finanzbericht vum Joër 2021**

Well de Jerôme Reuter (Biergerinitiativ Gemeng Kielen) LDF Trésorier, berufflech verhënnert ass den Owend un der Generalversammlung deelzehuelen, presentéiert de Sekretär André Kirsch (Comité Alstad) de Finanzbericht vum Joer 2021.
Als Recetten gouf et just Cotisatiouns Beiträg an Donen, a bei den Dépencen waren et d'Internet Käschten (Hosting an Email Verdeeler) souwéi och Fraisen vum Konto op der Bank.
De ganzen Detail ass an der Annex ze gesin.

**6- Rapport vun de Keessereviseuren**

De Georges Majerus (Les amis du Prieuré d’Useldange) an den Marco Schmit (Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall) hun d'Finanzen kontrolléiert a waren zefridden mat der Arbecht a proposéieren der Generalversammlung fir dem Tresorier d'Décharge ze gin.

**7- Approbatioun vun de Konten 2021 an Décharge vum Trésorier**

D'Generalversammlung ass averstanen mat de Konten an déi vun de Keessereviseuren proposéiert Décharche vum Tresorier gëtt mat 10 Stëmmen ugeholl.

**8- Décharge vum Conseil d’administration**

Décharche vum Conseil d'administration fir d'Joer 2021 gëtt mat 10 Stëmmen ugeholl.

**9- Neiwiel vum Conseil d'Administration**

D'LDF wielt all zwee Joer en neien Conseil d'administration den zwee Joer lang d'Geschécker vun der Federatioun leede soll. Den neie Conseil gëtt fir 2022 - 2024 gewielt. Et kenne bis zu 9 Leit am Conseil sin.
Kandidaturen sin der 6 erakomm, déi vun den austriedenden Conseil's Memberen. Et si keng nei Interessenten derbei.

Paul Ewen (Mouvement Patrimonial)
Anicet Schmit (Lampertsbierger Geschichtsfrënn)
André Kirsch (Comité Alstad)
Jerôme Reuter (Biergerinitiativ Gemeng Kielen)
Jean-Claude Thies (Biergerinitiativ Quo vadis Käerch)
Jorge Simoes (Sauvegarde du Patrimoine)

D'Generalversammlung wielt par acclamation all Kandidaten en bloc.
(doranner dann indirekt berücksichtegt datt eng Organisatioun net fir sein eegene Kandidat dierf ofstëmmen)

**10- Nominatioun vun de Keessereviseuren (exercice 2022)**
Et mellen sech den Georges Majerus (Les amis du Prieuré d'Useldange) an de Marco Schmit (Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall)
Beid gi mat 10 Stëmmen ugeholl.

**10- Festleeën vun der Cotisatioun fir d'Joër 2023 (aktuel as se 50.-)**
De Conseil proposéiert fir bei 50.- fir 2023 ze bleiwen.
Des Propose gëtt mat 10 Stëmmen ugeholl.

**11- Aktivitéiten am Laf vum Joër 2022**
De President gëtt en Iwwerbléck zu den Aktivitéiten am Joer 2022.

>Vun der Stad Esch-Uelzecht krute mir eng Invitatioun fir eng Entrevue. Dest well si anscheinend net d'accord sin mat dem Bild waat iwwer d'Stad a punkto Denkmalschutz am PAG dobaussen an de Medien an op de sozialen Netzwierker herscht. Des Invitatioun ass op Ufroo vum Architekt vun der Stad Esch-Uelzecht, de Luc Everling geschidd.

>Och huet de Buergermeeschter vu Wäiswampich (H. Rinnen) jo öffentlech den LDF President invitéiert fir dorobber ze kommen an ze schwetzen. Des Invitatioun werte mir dann och unhuelen an en Rendez-Vous ausmachen.
De Paul Holweck (Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich) mellt sech fir do matzegoen.

>Den 18. Abrëll ass den "International Day for Monuments and Sites" ausgeruff vun der ICOMOS. D'LDF denkt driwwer no fir op dem Dag villeicht just e statement an der Press erauszegin.

>D'Journées du Patrimoine zu Lëtzebuerg sin dest Joer vum 23. September bis den 2. Oktober. D'Thema dest Joer ass "sustainable heritage" oder "Patrimoine et développement durable". D'INPA huet den Opruff fir Projeten viru kuerzem erausgescheckt. D'LDF huet deen och u seng Memberen weidergescheckt.

>Am Kader vun de journées du patrimoine wëll d'LDF jo "de Sonndeg vum Denkmalschutz" organiséieren, en Daag wou sech alles em dest Thema dreit a wou och all LDF Member-Organisatioun matmache soll. Dest a Form vun engem Stand wou si hier Aktivitéiten a Publikatioune kënnen ubidden.
Doniewt si Konfenrenzen zum Thema Noohaltegkeet an Denkmalschutz geplangt.

D'LDF wëll geschwenn eng Entrevue mam INPA zu desem Projet ufroen. En éischte Sondage beim INPA Direkter war ganz positif.

Well dest op engem Sonndeg soll sin proposéiert de Conseil fir dest um **2. Oktober** ze organiséieren.

**12- Budget fir d'Joër 2021**

Haptrecetten fir 2022 sin d'Cotisatiounen vun de Member-Organisatiounen an Donën

Bei den Depensen sin haptsächlech d'Ausgaben fir eisen Internetsite ze bemierken, doniewt Frais'ën an Taxen beim RCS/LBR.

Déi genau Oplëschtung ass an der Annex ze fannen.

**13- Divers a Froën**

a) Op Nofroo hin gett jidfereen an der Generalversammlung den Accord fir d'Fotoen un den owend kennen op de site vun der LDF ze setzen.

b) Et gëtt d'Fro gestallt waat genau den Ennerscheed tescht "monument national" an "immeuble sur l'inventaire supplémentaire" ass.

c) Eng aner Fro stellt sech waat geschidd wa Proprietairen e geschützt Gebei verfale lossen?

d) Et zirkuléiert eng Lëscht mat de Garen an aner Eisebunn's Gebeier déi erhalenswert sin an déi wou definitiv ofgerappt gin.
Hei ernimmt d'Suzette-Schmit Lehnertz (NaGIS) datt sie scho virun enger gudder Zäit eng Demande de Classement fir d'Eiter Gare gemach hun des awer elo net op der richteger Plaz an där Lëscht steet.

Och ernimmt den Max Hübsch (GGM) datt d'Gemeng Miersch sech drop beharrt fir keng Ofrapp-Genehmegung auszestellen fir d'Aloyse Kayser Haus zu Biereng.

Schluss vun der Generalverammlung um 21:00

Fir d'LDF
Jean-Claude Thies
secrétaire-adjoint

Annexen: 1- 3 Rapporten vun President an Tresorier

**Annex 1**

**Paul Ewen, LDF President**

# Aleedung vum Président a Rapport Moral

Als Rappel : den Historique vum Entstoen vun der LDF

Op Basis vun enger Idee vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn hu sie an de Mouvement Partimonial sech mat aneren Organisatiounen getraff fir a Gespreicher gemeinsam Punkten ze beschwetzen, fir esou eng Dachorganisatioun kennen opzebauen.

En Austausch tescht dem Mouvement Patrimonial an der Biergerinitiativ Quo vadis Käerch gouf et den 8. Abrëll 2019 zu Käerch am Sëtz vu Quo Vadis. Austausch Treffen gouf et awer och mam Comité Alstad. Duerch hier Presenz am Mouvement Patrimonial waren déi aner Organisatiounen emmer mat agebonnen.

Den 11 August 2019 huet de Mouvement Patrimonial dunn all des Organisatiounen op eng éischt Versammlung invitéiert.

Zesumme komm sin dunn déi 6 Organisatiounen fir dese Projet unzegoën. Dat sin:
Biergerinitiativ Gemeng Kielen asbl (Kielen)
Biergerinitiativ Quo vadis Käerch asbl (Käerch)
Comité Alstad asbl (Stad Lëtzebuerg)
Lampertsbierger Geschichtsfrënn asbl (Stad Lëtzebuerg)
Mouvement Patrimonial asbl (national)
Sauvegarde du Patrimoine asbl (national)

Mëttlerweil sin mer zu 13 ! (déi rézenst : Mierscher Geschichtsfrënn an Frënn vun der Festungsgeschicht Lëtzebuerg)

Objectiver :

"La fédération a pour objet principal la défense du patrimoine bâti et architectural au Grand-Duché de Luxembourg. Elle entend réaliser cet objectif en fédérant et regroupant toute association ou fondation sans but lucratif qui a inscrit statutairement la défense du patrimoine bâti et architectural au Grand-Duché de Luxembourg. La fédération peut, entre autres, faire le lien entre les associations-membres qu'elle fédère et les administrations, les instances politiques et publiques ou encore la presse et les médias ».

Thèmes et projets :

- Harmonisation et coordination des instruments légaux au niveau communal et national, voir aboutir à un SEUL INSTRUMENT de la protection du patrimoine bâti ;

- Protection automatique de tous les bâtiments avant une date spécifique (p.ex. 1945/1955 ou avec date de construction inconnue), avec levée de la protection aussitôt que l'administration étatique compétente a établi la non-présence de critères justifiant une protection. L'administration doit réagir très rapidement pour chaque demande de démolition ou de transformation (à l'instar des procédures du CNRA) ;

- Etablissement d'un inventaire scientifique publié et respecté dans les faits ;

- Reconnaissance du principe d'utilité publique et d'intérêt général du patrimoine bâti car : aucune production culturelle n'est plus visible et utilisée dans la vie de tous les jours que le bâti ;

- Reconnaissance de la valeur économique et touristique du patrimoine bâti ;

- Reconnaissance de la conservation du patrimoine bâti comme acte de développement durable ;

- Education sur la patrimoine bâti : programmes scolaires à adapter ;

- Recherche de systèmes alternatifs et complémentaires de financement (subsides, lotterie, fonds du patrimoine,...)

- Protection du requérant d'une demande de classement - Evènement au cours des Journées du Patrimoine (du 23.09.22 au 02.10.22) "E Sonndeg fir den Denkmalschutz". Thème : "Sustainability".

- "Baukultur": promouvoir une culture du bâti neuf au niveau national (via PAG, autre ?), ceci afin d'intégrer les nouvelles constructions dans le tissu existant. S'engager pour que soit légiféré, pex. via l'introduction d'une charte des formes, couleurs, matériaux,.. via l'introduction d'un « Baumeester »,..., ceci au niveau national.

- Acteurs publics et patrimoine bâti : œuvrer pour que les acteurs publics comme p.ex. la CFL, le SNHBM, le FDL traitent leur patrimoine architectural comme chaque citoyen. Nécessité de publier des inventaires avec leur patrimoine architectural afin d'aligner ces acteurs sur une politique de la protection communale ou nationale de leur immeubles

- Synergies : oeuvrant pour une meilleure coordination des actions en matière d'engagement pour la protection du patrimoine bâti, ceci en mettant à disposition aux membres de LDF les documents et informations nécessaires pour pouvoir intervenir localement ou au niveau national (lois, publications, templates, connaissance sur certaines procédures,...).